

B1

**Schwätzt Dir
Lëtzebuergesch ?**

Zousazmaterial

Kapitel 2

Kapitel 2 Sait 25, Übung 4

*D'Schüler ginn a véier Gruppen opgedeelt. All Grupp liest **een** Text; fir d'éischt all Schüler individuell an duerno kënne si sech an hirem Grupp austauschen an, zum Beispill, de Vocabulaire zesumme klären. All Grupp muss säin Text gutt verstoen, fir d'Informatiounen duerno kënne weiderzeginn (cf. Übung 5 am Buch).*



Paula

Ech war e Samschdeg den Owend um Belval fir en Nuetsrallye. Dat war super. Si hunn ons mat flotte Froen iwwert de ganze Site geschéckt. Ech fannen dee Site jo souwisou immens, mee mat där spezieller Beliichtung war dat nach besser! Mir sinn och bis uewen op ee vun den Héichiewe geklommen. Also do ass et mer zwar e bësse komesch ginn, ech verdroen d'Héicht jo net. Zum Schluss gouf et nach en herrleche Spektakel mat sphärescher Musek ronderëm d'Héichiewen.

Bon, ech muss soen, et ass zimmlech spéit ginn; um Hallefnuecht war och nach d'Präisverdeelung an der Rockhal. Mir waren e bëssen enttäuscht, datt mer net den éischte Präis gewonnen hunn, mee et war super, datt mer matgemaach hunn.

Pit

Ech war e Freideg den Owend op engem flotten Event. De Café Baudelaire hat e Sproochenowend organiséiert. Ech léiere jo grad Spuenesch an ech hu geduecht, et wier eng flott Geleeënheet, fir mäi Spuenesch mol e bëssen ze praktizéieren. Ech war iwwerrascht, datt esou vill Leit do waren, och vill Leit, déi Lëtzebuergesch léieren. Leider war de Spueneschdëscht net immens besat, dofir souz ech vill um Lëtzebuergeschdëscht an hunn do e puer léif Leit kenne geliert.

Serge

Wat e Match, wat eng Finall, Italie géint Holland! Spannend bis zum Schluss, an et war jo nach bal en 11-Meter-Schéisse ginn!

De Knuedler war schwaarz vu Leit, et war en immenst Gewulls. Dat ass mir am Ufank e bëssen op d'Nerve gaangen, mee herno war et an der Rei. D'Organisateure ware bestëmmt frou, datt dat gutt Wieder och um Rendez-vous war. Am Ufank waren d'Leit och nach roueg, mee wéi et dunn an d'Verlängerung gaangen ass, sinn d'Supporteren zimmlech nervös ginn. Wéi den italieenesche Golkipp dunn eng Rout Kaart krut, ware se bei den Italieener natierlech immens rosen. Mee hien hat se verdéngt! A schliisslech hu se jo awer nach gewonnen. Et war e flotten Owend, mee ech war och erliichtert, datt alles ouni gréisseren Tëschefall ofgelaf ass.

Nicole

Also dat war wierklech eng speziell Erfahrung. Mir waren e Samschdeg den Owend an e Restaurant, wou et ganz däischter war. D'Garçonnen an d'Serveusen hate sou Infrarout-Luuchten um Kapp, mat deene si gesinn hunn, mee mir hunn näischt gesinn. Virum Iesse krute mir e puer Uweisungen, fir datt mir eens ginn. Mee et war awer immens schwéier, z'iessen an ze drénken, ouni eppes ze gesinn. Immens spannend war, datt mir och net woussten, wat um Teller war. Wann een dat net gesäit, dann erkennt een och duerch de Goût net direkt, wat et ass. Et huet mir awer ganz gutt geschmaacht, well ech mech ganz op de Goût konzentréiert hunn. Mee propper iessen oder drénken ass och net sou einfach. Elo kann ech mer e bësse besser virstellen, wéi schwéier et ass, blann ze sinn.

Kapitel 2 Sait 25, Übung 7

Liest d'Sätz a verbannt se mat well.



1. De Pit telefonéiert sengem Kolleeg, dem Max. Hie wëllt den Owend erausgoen.

De Pit telefonéiert sengem Kolleeg, dem Max, **well** hien den Owend erausgoe wëllt.

2. De Max kann net matgoen. Hie muss schaffen.

3. De Pit geet an de Café am Duerf. Do begéint hie bestëmmt e Kënnegen.

4. Et sinn net vill Leit am Café. Et ass nach fréi.

5. De Pit ass traureg. Hie kennt keen.

6. Hie geet nees heem. Hie wëllt net eleng am Café setzen.

7. Dem Pit säin Handy schellt. De Max rífft him un.

8. De Max wëll elo awer mat erausgoen. Et ass schliisslech Weekend!

9. Si decidéieren, an de Gronn ze goen. Si ware scho laang net méi do.

10. Ausserdeem ass dat praktesch. Si kënne mam Bus dohifueren.

11. Si wëllen net mam Auto fueren. Parken ass problematesch.

12. Ausserdeem ass dat méi sécher. Si drénke bestëmmt e bëssen Alkohol.

13. Et soll een net drénken a fueren. Dat ass geféierlech an irresponsabel!

14. De Pit ass nees frou. Hien hat e flotten Owend.

Kapitel 2 Sait 25, Übung 7

Schreift d'Sätz fäerdeg.



1. Ech sinn op Lëtzebuerg komm, well
2. Ech siche mer (k)eng Wunneng an der Stad, well
3. Ech géif gär Lëtzebuergesch léieren, well
4. Ech géif gär nei Frënn hei fannen, well
5. Et ass (net) liicht, Lëtzebuerger kennen ze léieren, well
6. De Weekend fueren ech (net) oft an aner europäesch Stied, well
7. Ech probéieren, regelméisseg Sport ze maachen, well
8. D'Wieder zu Lëtzebuerg gefält mir net esou gutt, well
9. Den Trafic geet mir oft op d'Nerven, well
10. Mee ech wunnen awer gär zu Lëtzebuerg, well

Kapitel 2 Sait 25, Übung 7

Wiesselspill

Kopie A

Firwat fillen d'Leit sech esou? Är Informatiounen sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.



Beispill:

A: Firwat ass de Pierre houfreg?

B: Hien ass houfreg, **well** hie gutt Lëtzebuergesch schwätzt.

B: Firwat ass d'Tatiana haut esou frou?

A: Hatt ass frou, **well** hatt elo dräi Woche Congé huet.

Firwat ass de Pierre houfreg?	
Firwat ass d'Tatiana haut esou frou?	Hatt huet elo dräi Woche Congé.
Firwat ass den Här Weber rosen?	
Firwat ass de Marco nervös?	Hien huet muer e wichtege Examen.
Firwat ass d'Laura opgereegt?	
Firwat ass d'Melanie enttäuscht?	Säi Besuch huet ofgesot.
Firwat ass d'Madamm Schmitt iwwerrascht ?	
Firwat ass den Här Meyer midd?	Hien huet Iwwerstonne gemaach.
Firwat ass de Laurent erliichtert?	
Firwat ass d'Madamm Muller genervt?	Hire Computer geet net méi un.

Kapitel 2 Sait 25, Übung 7

Wiesselspill

Kopie B

Firwat fillen d'Leit sech esou? Är Informatiounen sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.



Beispill:

A: Firwat ass de Pierre houfreg?

B: Hien ass houfreg, **well** hie gutt Lëtzebuergesch schwätzt.

B: Firwat ass d'Tatiana haut esou frou?

A: Hatt ass frou, **well** hatt elo dräi Woche Congé huet.

Firwat ass de Pierre houfreg?	Hie schwätzt gutt Lëtzebuergesch.
Firwat ass d'Tatiana haut esou frou?	
Firwat ass den Här Weber rosen?	Hie krut e Protokoll.
Firwat ass de Marco nervös?	
Firwat ass d'Laura opgereegt?	Hatt huet den Owend e Rendez-vous.
Firwat ass d'Melanie enttäuscht?	
Firwat ass d'Madamm Schmitt iwerrascht ?	Si krut e Kaddo vun hirem Bouf.
Firwat ass den Här Meyer midd?	
Firwat ass de Laurent erliichtert?	Hien huet säin Exame gepackt.
Firwat ass d'Madamm Muller genervt?	

Kapitel 2 Säit 25, Übung 7

All Schüler kritt eng Käertchen. E geet domat bei en anere Schüler, seet säi Saz fäerdeg a stellt seng Fro. Da lauschtert en deem anere Schüler säi Saz an äntwert op seng Fro. Duerno wiesselen déi zwee Schüler hir Käertercher a sichen sech en neie Gesprächspartner.



<p>Ech si frou zu Lëtzebuerg, well ...</p> <p>Firwat bass du / sidd Dir frou zu Lëtzebuerg?</p>	<p>Ech léiere Lëtzebuergesch, well ...</p> <p>Firwat léiers du /léiert Dir Lëtzebuergesch?</p>	<p>Ech sinn op Lëtzebuerg komm, well ...</p> <p>Firwat bass du / sidd Dir op Lëtzebuerg komm?</p>
<p>Ech wëll de Sproochentest maachen, well ...</p> <p>Wëlls du / Wëllt Dir de Sproochentest maachen? Firwat (net)?</p>	<p>Ech fannen d'Wieder zu Lëtzebuerg (net) gutt, well ...</p> <p>Wéi fënns du / fannt Dir d'Wieder zu Lëtzebuerg? Firwat?</p>	<p>Ech ginn (net) gär zu Lëtzebuerg eraus, well ...</p> <p>Gees du / Gitt Dir gär hei eraus? Firwat (net)?</p>
<p>Ech ginn (net) gär eleng an de Kino, well ...</p> <p>Gees du / Gitt Dir gär eleng an de Kino? Firwat (net)?</p>	<p>Ech ginn heiansdo an de Restaurant, well ...</p> <p>Firwat gees du / gitt Dir heiansdo an de Restaurant?</p>	<p>Ech ginn (net) dacks an e Musée, well ...</p> <p>Gees du / Gitt Dir dacks an e Musée? Firwat (net)?</p>
<p>Ech ginn (net) dacks an den Theater, well ...</p> <p>Gees du / Gitt Dir dacks an den Theater? Firwat (net)?</p>	<p>Ech ginn (net) gär op Sproochendëscher, well ...</p> <p>Gees du / Gitt Dir gär op Sproochendëscher? Firwat (net)?</p>	<p>Ech gi gär Concerte lauschteren, well ...</p> <p>Gees du / Gitt Dir gär Concerte lauschteren? Firwat (net)?</p>

<p>Ech brauch (ke)en Auto, well ...</p> <p>Brauchs du / Braucht Dir en Auto? Firwat (net)?</p>	<p>Ech fueren (net) mam Vëlo an der Stad, well ...</p> <p>Fiers du / Fuert Dir an der Stad mam Vëlo? Firwat (net)?</p>	<p>Ech benotzen den ëffentlechen Transport (net) gär, well ...</p> <p>Benotz du / Benotzt Dir den ëffentlechen Transport? Firwat (net)?</p>
<p>Ech maache (kee) Sport, well ...</p> <p>Méchs du / Maacht Dir Sport? Firwat (net)?</p>	<p>Ech verbréngen (net) vill Zäit virum Computer, well ...</p> <p>Verbréngs du / Verbréngt Dir vill Zäit virum Computer? Firwat (net)?</p>	<p>Ech hu (ke)en Hausdéier, well ...</p> <p>Hues du / Hutt Dir en Hausdéier? Firwat (net)?</p>
<p>Ech liesen (net) all Dag d’Noriichten, well ...</p> <p>Lies du / Liest Dir all Dag d’Noriichten? Firwat (net)?</p>	<p>Ech ginn dëst Joer (net) an d’Vakanz, well ...</p> <p>Gees du / Gitt Dir dëst Joer an d’Vakanz? Firwat (net)?</p>	<p>Ech reesen (net) gär, well ...</p> <p>Rees du / Reest Dir gär? Firwat (net)?</p>

Kapitel 2



Säit 25, Übung 7

Liest déi éischt zwee Sätz a completéiert déi aner Sätz nom selwechte Modell.



1. Wann ech moies ze laang schlofen, da verpassen ech de Bus.
2. **Wann ech de Bus verpassen**, da kommen ech ze spéit op d'Aarbecht.
3. _____, da gëtt meng Cheffin rosen.
4. _____, da kréien ech d'Flemm.
5. _____, da schwätzen ech mat mengen Aarbechtskolleegen.
6. _____, da sinn ech nees besser gelaunt.
7. _____, da sinn ech motivéiert fir ze schaffen.
8. _____, da maachen ech eng gutt Aarbecht.
9. _____, dann ass meng Cheffin frou.
10. _____, dann hu mir e gutt Aarbechtsklima.

Liest déi éischt zwee Sätz a completéiert déi aner Sätz nom selwechte Modell.



1. Mir ware gëschter an den Zirkus.
Hunn ech dir scho gezielt, datt **mir gëschter an den Zirkus waren?**
2. Meng ganz Famill ass matgaangen.
Et war super, datt _____.
3. Ech hu scho ganz fréi Plaze reservéiert.
Et war gutt, datt _____.
4. Den Zirkus war séier ausverkaf.
Ech war erstaunt, datt _____.
5. Et war en Zirkus ouni Déieren.
Et huet mir gutt gefall, datt _____.
6. Menger Schwëster huet et net esou gutt gefall.
Et ass schued, datt _____.
7. E Clown wollt hatt op d'Bün huelen.
Et war net gutt, datt _____.
8. Hatt fäert Clownen.
Ech kann net verstoen, datt _____.
9. Hatt krut eng Blumm vum Clown.
Ech hunn et léif fonnt, datt _____.
10. D'nächst Woch ginn ech schonn nees an den Zirkus.
Ech freeë mech, datt _____.



Liest d'Gespréicher. Ënnersträicht d'Verben am Conditionnel.

1

- + Moie Lynn, hei ass de Jos. So, wéi wier et mat enger klenger Sortie muer?
- Hmm, ech géing gär matgoen, mee ech misst eigentlech léieren.
- + Allez, komm, du hues schonn de leschte Weekend geléiert!
- Jo, mee ech hunn an dräi Wochen Examen. Du iwwregens och! Du häss och besser ze léieren!
- + Spillverdierwer! Ech léieren dach och vill. De Weekend géing ech just gär e bësse Paus maache mam Geléiers. Mir kéinte jo just e Patt huele goen, net ze laang, versprach!
- An der Rei, mee wierklech just kuerz. Um Mëtternuecht wier ech nees gär doheem!
- + O.k.! Bass du de Chauffer? Kéints de mech um 9 Auer siche kommen?
- Jo, kloer!

2

- + Salut Anna, ech sinn et. Wéi geet et?
- O, moie Laura, wat fir eng Iwwerraschung! Bass du de Weekend hei? Wéini gesi mir eis?
- + Wéi wier et, wa mer muer an den Theater géife goen?
- O, mir hunn eis esou vill ze erzielen. Ech géing léiwer gemittlech eppes drénke goen. Wat mengers du?
- + Jo, du hues Recht! Vu mir aus gär! D'Melanie kéim bestëmmt och gär mat! Solle mer hatt froen?
- Jo, kloer! Mir kéinten an deen neie Bistro beim Park goen. Do ass owes ëmmer eng lass an et kritt een och eppes Klenges z'iessen.
- + Jo, dat kléngt gutt.



Formuléiert dës Sätz e bësse méi héiflech an net grad esou direkt, andeem Dir de Conditionnel benotzt.



1. Ech hu Loscht, den Owend an de Kino ze goen.

.....

2. Géi mat mir an de Kino!

.....

3. Ech wëll de „Lion King“ kucke goen.

.....

4. Kanns du d'Tickete kafen?

.....

5. Komm mech den Owend um 7 Auer sichen!

.....

6. Sief pünktlech!

.....

7. Bréng wgl. mäi Mantel mat, deen ech déi lescht Kéier bei dir doheim vergiess hunn.

.....

8. Spéitstens um 12 Auer sinn ech gär doheem.

.....

Kapitel 2



Säit 28, Übung 4

Dat hei sinn déi selwecht Fotoen an Expressiounen wéi am Buch, fir erauszuschneiden an ze kombinéieren.



 1 Hien ass traureg.	 2 Hien ass zefridden.	 3 Hien ass genéiert.	 4 Hien ass frou.
 5 Hien ass erliichtert.	 6 Hien ass genervt.	 7 Hien ass enttäuscht.	 8 Hien ass iwwerrascht.
	 9 Hien ass rosen.	 10 Hien ass gestresst.	



Dat geet mer op d'Strëmp!	Ech stoung do wéi bestallt an net ofgeholl.
Ech hunn esou vill ze dinn, ech schloen d'Rad.	Mir fällt e Stee vum Häerz!
Dat brécht mer d'Häerz.	Ech hu mech gefreet wéi e Kichelchen.
Ech sinn aus alle Wolleke gefall!	Ech si rout gi wéi eng Tomat.
Ech hunn e Liewe wéi en Hond ouni Fléi.	Ech sinn aus der Këscht gesprongen.

Kapitel 2



Säit 28, Übung 4

All Schüler kritt eng Käertchen. E geet domat bei en anere Schüler, seet säi Saz fäerdeg a stellt seng Fro. Da lauschtert en deem anere Schüler säi Saz an äntwert op seng Fro. Duerno wiesselen déi zwee Schüler hir Käertercher a sichen sech en neie Gesprächspartner.



<p>Wann ech midd sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du midd bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir midd sidd?</p>	<p>Wann ech rose sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du rose bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir rose sidd?</p>	<p>Wann ech gestresst sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du gestresst bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir gestresst sidd?</p>
<p>Wann ech granzeg sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du granzeg bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir granzeg sidd?</p>	<p>Wann ech glécklech sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du glécklech bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir glécklech sidd?</p>	<p>Wann ech traureg sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du traureg bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir traureg sidd?</p>
<p>Wann ech genéiert sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du genéiert bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir genéiert sidd?</p>	<p>Wann ech genervt sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du genervt bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir genervt sidd?</p>	<p>Wann ech mech langweilen, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du dech langweils?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir Iech langweilt?</p>
<p>Wann ech onmotivéiert sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du onmotivéiert bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir onmotivéiert sidd?</p>	<p>Wann ech jalous sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du jalous bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir jalous sidd?</p>	<p>Wann ech verléift sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du verléift bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir verléift sidd?</p>

<p>Wann ech presséiert sinn, ...</p> <p>Wat méchs du, wann s du presséiert bass?</p> <p>Wat maacht Dir, wann Dir presséiert sidd?</p>	<p>Wann ech Congé hunn, ...</p> <p>Wéi fills du dech, wann s du Congé hues?</p> <p>Wéi fillt Dir Iech, wann Dir Congé hutt?</p>	<p>Wann ech ze spéit an de Cours kommen, ...</p> <p>Wéi fills du dech, wann s du ze spéit an de Cours kënns?</p> <p>Wéi fillt Dir Iech, wann Dir ze spéit an de Cours kommt?</p>
<p>Wann ech am Stau stinn, ...</p> <p>Wéi fills du dech, wann s du am Stau stees?</p> <p>Wéi fillt Dir Iech, wann Dir am Stau stitt?</p>	<p>Wa schlecht Wieder ass, ...</p> <p>Wéi fills du dech, wa schlecht Wieder ass?</p> <p>Wéi fillt Dir Iech, wa schlecht Wieder ass?</p>	<p>Wann d'Sonn schéngt, ...</p> <p>Wéi fills du dech, wann d'Sonn schéngt?</p> <p>Wéi fillt Dir Iech, wann d'Sonn schéngt?</p>
<p>Wa mäin Handy net méi geet, ...</p> <p>Wéi fills du dech, wann däin Handy net méi geet?</p> <p>Wéi fillt Dir Iech, wann Ären Handy net méi geet?</p>	<p>Wann ech a mäin Heemechtsland fueren, ...</p> <p>Wéi fills du dech, wann s du an däin Heemechtsland fiers?</p> <p>Wéi fillt Dir Iech, wann Dir an Äert Heemechtsland fuert?</p>	<p>Wann ech en Test schreiwe muss, ...</p> <p>Wéi fills du dech, wann s du en Test schreiwe muss?</p> <p>Wéi fillt Dir Iech, wann Dir en Test schreiwe musst?</p>

Kapitel 2 Sait 31, Übung 5

Liest d'Texter zu den EmoXien nach eng Kéier an äntwert op d'Froen.



Text A

1. Wéini ass d'Schueberfouer?
2. Vu wou aus kann een d'Vue op d'Stad genéissen?

Text B

1. Wou ass dat Gebai?
2. Wat fir Eventer sinn do haaptsächlech?

Text C

1. Wéi heescht den Nationalheld vu Lëtzebuerg?
2. Wat heescht „een oder eppes op d'Schëpp huelen“?
 - a) am Gaart schaffen
 - b) de Geck maachen
 - c) iwwert eppes schwätzen

Text D

1. Wie geet gär an d'Éislek?
2. Wat heescht „e Gang erofschalten“?
 - a) méi séier fueren
 - b) mam Moto fueren
 - c) sech entspannen

Text E

1. Wat ass speziell um Kierchtuerm vun der Dikrecher Kierch?
2. Wéi mécht den Hunn op Lëtzebuergesch?

Text F

1. Zu Lëtzebuerg gëtt et méi wéi eng offiziell Sprooch.
Lëtzebuerg ass
2. Ass Englesch eng vun den offizielle Sproochen zu Lëtzebuerg?
 - a) Jo, ...
 - b) Nee, mee ...

Kapitel 2 Sait 31, Übung 6

Hutt Dir eng Iddi fir en neien EmoXie? Beschreift Är Iddi, moolt eng Skizz an erkläert, firwat Ären EmoXie representativ fir Lëtzebuerg ass.



Beschreift Är Iddi

Moolt eng Skizz

Erkläert, firwat Ären EmoXie representativ fir Lëtzebuerg ass

Kapitel 2 Sait 35, Übung 8

Variant 1 - Wiesselspill

Kopie A

Wie schenkt wiem wat? Är Informatiounen sinn net komplett.
Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.



Beispill:

A: Wat schenkt d'Bomi **den** Enkelkanner?

B: D'Bomi schenkt **hinnen** e Buch.

B: Wat schenken d'Elteren **der** Bomi?

A: Si schenken **hir** eng Këscht Knippercher.

Beispill:

schenkt / schenken	der Bomi (hir)	den Enkelkanner (hinnen)	der Mamm (hir)	dem Emma (him)	dem Noah (him)
D'Bomi		?			
D'Elteren	eng Këscht Knippercher			Faarwen	?
D'Enkelkanner	?				
De Papp			eng Ketten		
D'Emma			?		?
Den Noah			eng witzeg Taass	Schockela	

Variant 1 - Wiesselspill

Kopie B

Wie schenkt wiem wat? Är Informatiounen sinn net komplett.
Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.



Beispill:

A: Wat schenkt d'Bomi **den** Enkelkanner?

B: D'Bomi schenkt **hinnen** e Buch.

B: Wat schenken d'Elteren **der** Bomi?

A: Si schenken **hir** eng Këscht Knippercher.

Beispill:

schenkt / schenken	der Bomi (hir)	den Enkelkanner (hinnen)	der Mamm (hir)	dem Emma (him)	dem Noah (him)
D'Bomi		e Buch			
D'Elteren	?			?	e Spill
D'Enkelkanner	Blumen				
De Papp			?		
D'Emma			e Bild		Kamellen
Den Noah			?	?	

Variant 2 - Wiesselspill

Kopie A

Wie schenkt wíem wat? Är Informatiounen sinn net komplett.
Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.



Beispill:

A: Wat schenkt d'Bomi **den** Enkelkanner?

B: D'Bomi schenkt **hinnen** e Buch.

B: Wat schenken d'Elteren **der** Bomi?

A: Si schenken **hir** eng Këscht Knippercher.

Bomi > Enkelkanner: _____

Elteren > Bomi: eng Këscht Knippercher

Elteren > Emma: Faarwen

Elteren > Noah: _____

Enkelkanner > Bomi: _____

Papp > Mamm: eng Ketten

Emma > Mamm: _____

Emma > Noah: _____

Noah > Mamm: eng witzeg Taass

Noah > Emma: Schockela

Variant 2 - Wiesselspill

Kopie B

Wie schenkt wem wat? Är Informatiounen sinn net komplett.
Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.



Beispill:

A: Wat schenkt d'Bomi **den** Enkelkanner?

B: D'Bomi schenkt **hinne**n e Buch.

B: Wat schenken d'Elteren **der** Bomi?

A: Si schenken **hir** eng Këscht Knippercher.

Bomi > Enkelkanner: e Buch

Elteren > Bomi: _____

Elteren > Emma: _____

Elteren > Noah: e Spill

Enkelkanner > Bomi: Blumen

Papp > Mamm: _____

Emma > Mamm: e Bild

Emma > Noah: Kamellen

Noah > Mamm: _____

Noah > Emma: _____

Kapitel 2 Sait 35, Übung 8

D'Kärtercher sollen erausgeschnidden an dann zesummegepecht ginn, sou dass op där enger Sait e Verb oder eng Prepositioun steet an hannendrop d'Informatiounen „Dativ“ oder „Akkusativ“ plus e Beispillsaz.

Mat dëse Kärtercher kann ee verschidden Übunge maachen, déi verschidde Schwieregkeetsgraden hunn, wéi zum Beispill:

- Zwou Kolonne maachen, eng fir Verben a Prepositiounen mat Dativ an eng fir Verben a Prepositiounen mat Akkusativ.

- Am Grupp eng Käertchen no där anerer zéien a Sätz formuléieren.

- Am Grupp fënnf Verben a fënnf Prepositiounen eraussichen an domat eng kleng Geschicht schreiwen.



fir	géint	ronderëm
+Akkusativ	+Akkusativ	+Akkusativ
Hei ass e Kaddo fir dech.	Hatt ass ëmmer géint mech!	Den Hond leeft déi ganzen Zäit ronderëm mech.
ouni	ëm	laanscht
+Akkusativ	+Akkusativ	+Akkusativ
Ech ginn dëst Joer ouni hien an d'Vakanz.	Ech ka mech net méi ëm hie këmmen.	Hien ass laanscht mech gaangen, ouni mech ze kucken.

Kapitel 2 Sät 35, Übung 8 - suite



duerch	aus	no
+Akkusativ	+Dativ	+Dativ
Mir fueren duerch den Tunnel.	Hie kënnst aus der Stad.	Ech kommen direkt no dir un d'Rei.
vun	säit/zënter	mat
+Dativ	+Dativ	+Dativ
Hie krut e Kaddo vu senger Frëndin.	Ech wunnen zënter engem Joer hei.	Hie geet mat senger Fra an de Kino.
wärend	zu	ausser
+Dativ	+Dativ	+Dativ
Wärend menger Paus wëll ech net gestéiert ginn.	Hues du eppes zu mir gesot?	Ausser dir war jiddereen do.

Kapitel 2 Sait 35, Übung 8 - suite



besichen	brauchen	fannen
+Akkusativ	+Akkusativ	+Akkusativ
Ech besiche meng Bomi eemol d'Woch.	Mir brauchen deng Hëllef.	Ech hunn hien net fonnt.
froen	gär hunn	gesinn
+Akkusativ	+Akkusativ	+Akkusativ
Ech hunn hatt eppes gefrot.	Ech hunn dech gär.	Mir hunn eisen Noper scho laang net méi gesinn.
sichen	vergiessen	kennen
+Akkusativ	+Akkusativ	+Akkusativ
Hatt huet hien eng Stonn laang gesicht.	Hues du mech vergiess?	Ech kennen hien net.

Kapitel 2 Sait 35, Übung 8 - suite



<p>äntweren</p>	<p>follegen</p>	<p>gefallen</p>
<p>+Dativ</p>	<p>+Dativ</p>	<p>+Dativ</p>
<p>De Proff äntwert dem Schüler.</p>	<p>D’Kanner follegen hiren Elteren.</p>	<p>Gefält dat dir?</p>
<p>gratulieren</p>	<p>hëllef</p>	<p>nolauschten</p>
<p>+Dativ</p>	<p>+Dativ</p>	<p>+Dativ</p>
<p>Ech gratulieren hir fir hire Gebuertsdag.</p>	<p>Kanns du mir hëllef, wgl.?</p>	<p>D’Kand lauschtert der Joffer gutt no.</p>
<p>vertrauen</p>	<p>widdersprieche</p>	<p>gleewen</p>
<p>+Dativ</p>	<p>+Dativ</p>	<p>+Dativ</p>
<p>Ech vertrauen him voll a ganz.</p>	<p>Do muss ech dir leider widdersprieche.</p>	<p>Hatt gleeft him guer näischt méi.</p>

Kapitel 2 Sait 35, Übung 8 - suite



soen	leeddoen	telefonéieren
+Dativ	+Dativ	+Dativ
Ech muss hinnen eppes Wichtiges soen.	Et deet mir leed.	Hien telefonéiert senger Mamm all Dag.

B1

**Schwätzt Dir
Lëtzebuergesch ?**

Léisionsen

Zousazmaterial

Kapitel 2

Kapitel 2 Sait 25, Übung 7

Liest d'Sätz a verbannt se mat well.



1. De Pit telefonéiert sengem Kolleeg, dem Max, **well hien den Owend erausgoe wëllt.**
2. De Max kann net matgoen, **well hie schaffe muss.**
3. De Pit geet an de Café am Duerf, **well hien do bestëmmt e Kënnege begéint.**
4. Et sinn net vill Leit am Café, **well et nach fréi ass.**
5. De Pit ass traureg, **well hie kee kennt.**
6. Hie geet nees heem, **well hien net eleng am Café sëtze wëllt.**
7. Dem Pit säin Handy schellt, **well de Max him urifft.**
8. De Max wëll elo awer mat erausgoen, **well et schliisslech Weekend ass!**
9. Si decidéieren, an de Gronn ze goen, **well si scho laang net méi do waren.**
10. Ausserdeem ass dat praktesch, **well si mam Bus dohifuere kënnen.**
11. Si wëllen net mam Auto fueren, **well Parke problematesch ass.**
12. Ausserdeem ass dat méi sécher, **well si bestëmmt e bëssen Alkohol drénken.**
13. Et soll een net drénken a fueren, **well dat geféierlech an irresponsabel ass!**
14. De Pit ass nees frou, **well hien e flotten Owend hat.**

Wiesselspill

Kopie A

Firwat fillen d'Leit sech esou? Är Informatiounen sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.



D'Tatiana ass frou, **well hatt elo dräi Woche Congé huet.**

De Marco ass nervös, **well hie muer e wichtege Examen huet.**

D'Melanie ass enttäuscht, **well säi Besuch ofgesot huet.**

Den Här Meyer ass midd, **well hien Iwwerstonne gemaach huet.**

D'Madamm Muller ass genervt, **well hire Computer net méi ugeet.**

Wiesselspill

Kopie B

Firwat fillen d'Leit sech esou? Är Informatiounen sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.



De Pierre ass houfreg, **well hie gutt Lëtzebuergesch schwätzt.**

Den Här Weber ass rosen, **well hien e Protokoll krut.**

D'Laura ass opgereegt, **well hatt den Owend e Rendez-vous huet.**

D'Madamm Schmitt ass iwwerrascht, **well si e Kaddo vun hirem Bouf krut.**

De Laurent ass erliichtert, **well hie säin Exame gepackt huet.**



Liest déi éischt zwee Sätz a completéiert déi aner Sätz nom selwechte Modell.



1. Wann ech moies ze laang schlofen, da verpassen ech de Bus.
2. **Wann ech de Bus verpassen**, da kommen ech ze spéit op d'Aarbecht.
3. **Wann ech ze spéit op d'Aarbecht kommen**, da gëtt meng Cheffin rosen.
4. **Wa meng Cheffin rose gëtt**, da kréien ech d'Flemm.
5. **Wann ech d'Flemm kréien**, da schwätzen ech mat mengen Aarbechtskolleegen.
6. **Wann ech mat mengen Aarbechtskolleeege schwätzen**, da sinn ech nees besser gelaunt.
7. **Wann ech nees besser gelaunt sinn**, da sinn ech motivéiert fir ze schaffen.
8. **Wann ech motivéiert fir ze schaffe sinn**, da maachen ech eng gutt Aarbecht.
Wann ech motivéiert si fir ze schaffen, da maachen ech eng gutt Aarbecht.
9. **Wann ech eng gutt Aarbecht maachen**, dann ass meng Cheffin frou.
10. **Wa meng Cheffin frou ass**, dann hu mir e gutt Aarbechtsklima.

Liest déi éischt zwee Sätz a completéiert déi aner Sätz nom selwechte Modell.



1. Hunn ech dir scho gezielt, datt **mir gëschter an den Zirkus waren?**
2. Et war super, datt **meng ganz Famill matgaangen ass.**
3. Et war gutt, datt **ech scho ganz fréi Plaze reservéiert hunn.**
4. Ech war erstaunt, datt **den Zirkus séier ausverkaf war.**
5. Et huet mir gutt gefall, datt **et en Zirkus ouni Déiere war.**
6. Et ass schued, datt **et menger Schwëster net esou gutt gefall huet.**
7. Et war net gutt, datt **e Clown hatt op d'Bün huele wollt.**
8. Ech kann net verstoen, datt **hatt Clowne fäert.**
9. Ech hunn et léif fonnt, datt **hatt eng Blumm vum Clown krut.**
10. Ech freeë mech, datt **ech d'nächst Woch schonn nees an den Zirkus ginn.**



Liest d'Gespréicher. Ënnersträicht d'Verben am Conditionnel.

1

- + Moie Lynn, hei ass de Jos. So, wéi wier et mat enger klenger Sortie muer?
- Hmm, ech géing gär matgoen, mee ech misst eigentlech léieren.
- + Allez, komm, du hues schonn de leschte Weekend geléiert!
- Jo, mee ech hunn an dräi Wochen Examen. Du iwwregens och! Du häss och besser ze léieren!
- + Spillverdierwer! Ech léieren dach och vill. De Weekend géing ech just gär e bésse Paus maache mam Geléiers. Mir kéinte jo just e Patt huele goen, net ze laang, versprach!
- An der Rei, mee wierklech just kuerz. Um Mëtternuecht wier ech nees gär doheem!
- + O.k.! Bass du de Chauffer? Kéints de mech um 9 Auer siche kommen?
- Jo, kloer!

2

- + Salut Anna, ech sinn et. Wéi geet et?
- O, moie Laura, wat fir eng Iwwerraschung! Bass du de Weekend hei? Wéini gesi mir eis?
- + Wéi wier et, wa mer muer an den Theater géife goen?
- O, mir hunn eis esou vill ze erzielen. Ech géing léiwer gemittlech eppes drénke goen. Wat mengers du?
- + Jo, du hues Recht! Vu mir aus gär! D'Melanie kéim bestëmmt och gär mat! Solle mer hatt froen?
- Jo, kloer! Mir kéinten an deen neie Bistro beim Park goen. Do ass owes ëmmer eng lass an et kritt een och eppes Klenges z'iessen.
- + Jo, dat kléngt gutt.



Formuléiert dës Sätz e bësse méi héiflech an net grad esou direkt, andeem Dir de Conditionnel benotzt.



Zum Beispill:

1. Ech hätt Loscht, den Owend an de Kino ze goen.
2. Géings du mat mir an de Kino goen?
3. Ech géing gär de „Lion King“ kucke goen.
4. Kéints du d'Tickete kafen?
5. Kéints du mech den Owend um 7 Auer siche kommen?
6. Et wier gutt, wann s du pünktlech wiers.
7. Géings du mir wgl. mäi Mantel matbréngen, deem ech déi lescht Kéier bei dir doheem vergiess hunn.
8. Spéitstens um 12 Auer wier ech gär doheem.



Liest d'Texter zu den EmoXien nach eng Kéier an äntwert op d'Froen.



Text A

1. Wéini ass d'Schueberfouer?
D'Schueberfouer ass zum Schluss vum Summer.
2. Vu wou aus kann een d'Vue op d'Stad genéissen?
Vum Riserad aus kann een d'Vue op d'Stad genéissen.

Text B

1. Wou ass dat Gebai?
D'Philharmonie ass um Kierchbierg.
2. Wat fir Eventer sinn do haaptsächlech?
Et ginn haaptsächlech Concerten do organiséiert.

Text C

1. Wéi heescht den Nationalheld vu Lëtzebuerg?
Superjhemp
2. Wat heescht „een oder eppes op d'Schëpp huelen“?
 - a) am Gaart schaffen
 - b) **de Geck maachen**
 - c) iwwert eppes schwätzen

Text D

1. Wie geet gär an d'Éislek?
Sportler an Touriste gi gär an d'Éislek.
2. Wat heescht „e Gang erofschalten“?
 - a) méi séier fueren
 - b) mam Moto fueren
 - c) **sech entspanen**

Text E

1. Wat ass speziell um Kierchtuerm vun der Dikrecher Kierch?
Uewen um Kierchtuerm ass en Iesel a keen Hunn.
2. Wéi mécht den Hunn op Lëtzebuergesch?
Kikeriki

Text F

1. Zu Lëtzebuerg gëtt et méi wéi eng offiziell Sprooch.
Lëtzebuerg ass **méisproocheg**.
2. Ass Englesch eng vun den offizielle Sproochen zu Lëtzebuerg?
 - a) Jo, ...
 - b) Nee, mee **Englesch gëtt an all de Schoulen enseignéiert.**